05



# Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

## Dossier de l’animateur

# Dossier de l'animateur

## Dossiers édités par la commission consultative à la formation des animateurs :

01 Animateur ginn, Animateur sinn
02 Sëcherheet / Sécurité
03 Kachen a Brachen
04 Erlebnispädagogik mit Gruppen
05 Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung
06 Jonker stäerken, Jonker schützen
07 Opbau vun enger thematescher Colonie
08 Spiller am Grupp
09 Bosses et bobos
10 Wald-Meister

Hors série :
Lidderhanes
Le dossier du formateur
Reflexes
Dossier de l'animateur A


### Impressum

**Auteuren**
Conny Urbany / Isabelle Hauck / Linda Raths / Celia Elsen (Groupe Animateur)
Responsabel Editeuren : Commission consultative à la formation des animateurs
Fotoen : Groupe Animateur, SNJ

**Editeur:**
**Service national de la jeunesse**
Boîte postale 707 L-2017 Luxembourg
**Adresse siège**
138, blvd de la Pétrusse L-2330 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.lu www.snj.lu

**Graphisme et mise en page:**
Nuances

**Drock:**
Imprimerie REKA
Erscheinungsjoer
2016 (2. Editioun) 3000 ex.




# Inhalt


| | |
|---|---|
| **Aleedung** | **5** |
| **1. Déi verschidde Behënnerungen** | **6** |
| 1.1 Geeschteg Behënnerungen | 7 |
| 1.2 Kierperbehënnerungen | 8 |
| 1.3 Verhalensopfällegkeeten | 9 |
| 1.4 Heefeg Syndromer | 10 |
| 1.5 Zousätzlech Behënnerungen | 12 |
| **2. Allgemeng praktesch Informatiounen** | **14** |
| 2.1 Hiewen an Droen | 15 |
| 2.2. Den Ëmgang mat Hëllefsmëttelen | 20 |
| 2.3. Medikamenter | 26 |
| 2.4 Hygiène a Soinen | 27 |
| 2.5. Iessen | 29 |
| **3. Organisatioun an Oflaf vun enger Kolonie** | **31** |
| 3.1 Wou maachen ech meng Kolonie? | 31 |
| 3.2 D'Participanten | 33 |
| 3.3 De Staff | 34 |
| 3.4 D'Struktur vun der Kolonie | 35 |
| 3.5 Integratioun bei eenzelnen Aktivitéiten | 36 |
| **4. Preparatiounsfichen** | **37** |
| **5. Literaturlëscht** | **42** |





# Aleedung

Zënter méi wéi 15 Joer organiséiert de Groupe Animateur an Zesummenaarbecht mam Service National de la Jeunesse a mat den Ediff'en (Centre d'education differenciée) zwou Kolonien ob deene behënnert Kanner a Jugendlecher integréiert ginn. An och aner Institutiounen (d'Croix-Rouge, d'Scouten, ... ) hu Strukture geschaf wou Kanner mat enger Behënnerung kënnen hir Fräizäit verbréngen.

D'Integratioun vu Kanner a Jugendleche mat enger Behënnerung, mat Verhalensstéierungen oder kierperlechen Defiziter am Fräizäitberäich ass eng enorm wichteg Aarbecht. Andeems mir de Kanner a Jugendlechen d'Méiglechkeet gi sech an engem net-leeschtungsorientéierte Milieu kennen ze léieren, gi mir hinnen och d'Méiglechkeet Ängschten ofzebauen an Toleranz a Respekt ee fir deen aneren opzebauen.

Mir hunn an deene leschte Joren op eise Kolonië vill wäertvoll Erfahrunge gemaach a mir hu festgestallt dass d'Zesummeliewe vun net-behënnerten a behënnerte Kanner a Jugendlechen all Kéier erëm eng Erausfuerderung ass. All déi positiv Echoen déi mir bis elo kritt hu weisen awer dass d'Engagement vun all de Monitricen a Moniteure säin Zil net verfeelt.
D'Integratioun am Fräizäitberäich ass en éischte klenge Schrëtt zur Integratioun an eiser Gesellschaft, well nach ëmmer hu mir vill Problemer fir op behënnert Mënschen duerzegoen an eis mat hire Liewesëmstänn auserneen ze setzen.



# 1. Déi verschidde Behënnerungen[1]

Eng bestëmmte Behënnerung gëtt et an deem Sënn eigentlech net bei dem eenzelnen. Bei deene meeschte Kanner a Jugendleche mat enger Behënnerung kommen nach zousätzlech Behënnerungen dobäi, dofir schwätzt een och meeschtens vun enger «Mehrfachbehinderung».

Grondsätzlech kann ee soen, dass Persounen, déi «nëmmen» eng geeschteg oder kierperlech Behënnerung hunn, éischter eng Ausnam sinn. Meeschtens huet eng geeschteg Behënnerung och Auswierkungen op d'Motorik (virun allem d'Feinmotorik) vum Kand oder Jugendlechen. Bei enger Kierperbehënnerung hänkt et vun der Aart vun der Behënnerung of, wéi eng zousätzlech Aschränkungen déi Persoun huet.

Fir eis Duerstellung hu mir eis op déi 3 üblech Ënnerdeelunge baséiert: geeschteg a kierperlech Behënnerung, souwéi Verhalensopfällegkeeten. An engem 4. Punkt gi mir op heefeg Syndromer an an engem 5. Punkt op verschidden zousätzlech Behënnerungen an. Mir gi bei dëse Punkte virun allem op déi klassesch Beispiller an, déi mir am meeschten op de Kolonien erliewen.

[1] Dës Opzielung erhieft keen Usproch op Vollstännegkeet. Mir erklären hei just déi Behënnerungen, déi mir am meeschten op der Zeltkolonie gesinn. D'Beschreiwunge baséieren ebenfalls op de Forme wei mir se meeschtens gesinn. Grondsätzlech ginn et vu Kand zu Kand méi kleng oder grouss Ënnerscheeder.

## 1.1 Geeschteg Behënnerungen

Eng geeschteg Behënnerung gëtt meeschtens duerch e sougenannten IQ-Test festgestallt, d.h. ab engem bestëmmte Wäert gëllen d'Kanner als geeschteg behënnert. Dës Tester an hir Grenzwäerter sinn allerdéngs oft ëmstridden.

### Retard mental

Dës Kanner a Jugendlech trëfft ee sécher am heefegsten op der Kolonie, an och op aneren Aktivitéiten. Äusserlech gesäit een dëse Kanner seelen un, dass si eng Behënnerung hunn.
Si si virun allem an hirer geeschteger Entwécklung zeréckbliwwen. Hei ginn et grouss Ënnerscheeder, déi eng hu méi e groussen, déi aner méi e geréngе «retard mental», déi eng sinn an enger Ediff, déi aner an enger Primärschoulsklass integréiert.
Problemer hunn dës Kanner virun allem beim Verstoe vun den Aktivitéiten a meeschtens och mat hirer Feinmotorik am Bastelatelier. Doduerch dass een hinnen hir Behënnerung net ugesäit, gëtt mat hinnen oft de Geck am Grupp gemaach a si ginn zum Aussesäiter. Et ass d'Aufgab vum Moniteur deenen anere Kanner ze erklären, dass och dëst Kand eng Behënnerung huet, och wann ee se net gesäit.



### Trisomie 21

Oft gëtt dëse Fall als klassescht Beispill fir eng geeschteg Behënnerung genannt.
D'Intelligenz vun dëse Kanner a Jugendlechen ass allerdéngs och äusserst ënnerschiddlech. Kanner mat enger Trisomie kënne jee nodeem och an eng Schoulklass integréiert ginn.
D'Ursaache vun enger Trisomie si genetesch.
Dës Kanner hunn doduerch e puer äusserlech Charakteristiken, wouduerch se liicht z'erkenne sinn: e ronnt an ofgeflaachtent Gesiicht, d'A si liicht schif no uewen ausgeriicht (dohier de Begrëff Mongolismus, deen awer haut net méi gebraucht gëtt), eng vergréissert Zong (Sproocheproblemer), hell an empfindlech Haut, e kuerzen a breeden Hals, breet Hänn mat kuerze Fangeren, «Vierfingerfurche», oft Hypotonie (geréng Muskelspaanung) an Häerzfehler (40%).
Am Verhalen hu si Problemer eng gewëssen Distanz zu hirem Ëmfeld ze halen. Si sinn immens unhänglech, wat fir déi aner Kanner aus dem Grupp (awer och fir den eenzelne Moniteur) op eng Kéier ze vill ka ginn. Hei muss ee vu virera kloer Grenze setzen, desto méi spéit een dat mëscht, ëmsou méi schwéier ass et.
Op der anerer Säit kënne Kanner mat enger Trisomie awer och immens rabbelkäppeg, trotzeg ginn, si sinn dann zu näischt méi ze bewegen. Hei hëlleft keen zéien an drécken an och kee schéi schwätzen, de Moniteur muss hei ganz kloer weisen, dass hie seet wéi et leeft.
Weider hu mir festgestallt, dass déi meescht Participante mat enger Trisomie immens gäre Musek hunn: sangen (Playback), danzen,... alles dat sinn Aktivitéiten, déi deene meeschte gutt gefalen a wou si aktiv matmaachen.

# 1.2 Kierper-behënnerungen

## IMC (Infirmes moteurs cérébraux)

Dës Kanner sëtzen oft am Rollstull. Déi meescht Kanner hu Problemer mat hirem Bewegungsoflaaf. Op der Kolonie probéiere mir awer dem Wonsch vun den Elteren nozegoen an d'Kanner sou oft wéi méiglech aus dem Rollstull ze huelen. Virun allem wann et waarm ass, ass et fir si äusserst ustrengend an onangenehm de ganzen Dag am Rollstull ze sëtzen. Am Géigesaz ass bei schlechtem Wieder dorop opzepassen, dass si richteg ugedoe sinn. Eng zousätzlech Decke sollt een ëmmer dobäi hu fir Ënnerkillung ze vermeiden.

Nieft hirer Bewegungsaschränkung kënnt dann och meeschtens eng geeschteg Behënnerung dobäi. Verschidde Kanner hunn eng Rei vu Gestë fir sech verständlech ze maachen, dat sollt ee bei den Elteren onbedéngt nofroen.

Munch Kanner sinn och op enger Kierpersäit spastesch, d.h. hir Muskele sinn ugespaant. Wéi een domat beim Un- an Ausdoen ëmgeet, léisst ee sech am beschte vun den Eltere weisen.

Ee weideren Zousaz kann e Corset an/oder Schinne sinn. Dës si geduecht fir dass d'Kanner sech kënne riicht halen, well hire Kierper soss no vir kippt resp. hir Schanke sech verformen. E Corset resp. Schinnen undoen ass och eppes wat ee sech muss weise loossen (D'Elteren kennen dee jeeweils beschten Trick fir hiert Kand). Virun allem gëllt: sech Zäit dobäi loossen!

Vill vun dëse Kanner maachen och epileptesch Krisen. Wéi oft, wéini a wéi staark se optrieden ass ganz ënnerschiddlech. Et soll een drop virbereet sinn an net panikéieren.Wéi ee sech soll am Fall vun enger Kris verhalen, erkläre mir méi spéit am Detail.



## Muskelschwund (Myopathie)

Dës Kanner sëtzen (ab engem bestëmmten Alter) och am Rollstull, mä si hu keng geeschteg Behënnerung, d.h. dass dës Kanner sech bewosst si wat an hirem Ëmfeld geschitt a geschwat gëtt (dat gëllt virun allem fir d'Moniteuren).

Si sichen aktiv de Kontakt zu deenen anere Kanner a sollten dofir och bei all den Aktivitéite vun hirem Grupp dobäi sinn. Wann een allerdéngs mierkt, dass d'Kand am Laf vun der Kolonie zimlech midd gëtt, sollt een him d'Méiglechkeet gi fir sech aus ze rouen. Dat kann ee maachen andeems een dem Kand proposéiert eng Mëttesrascht während dem fräie Spill oder enger klenger Aktivitéit ze maachen. Et ass och enorm wichteg, dass een e Kand dat eng Myopathie huet, net iwwerfuerdert. Et kann z.B. gutt sinn, dass d'Kand moies ka seng Zänn selwer wäschen, mä owes kritt hat den Aarm net méi esou laang héich gehal, an dofir muss de Moniteur him hëllefen.




# 1.3 Verhalensop-fällegkeeten

## Hyperaktivitéit

Dëst ass eng Stéierung, déi haut ëmmer méi oft bei Kanner festgestallt gëtt. Dës Kanner kréien als Medikament ganz oft entweder Ritalin, Concerta oder Risperdal fir hir Hyperaktivitéit «an de Grëff ze kréien». Dës Kanner wierken am Géigesaz zu deenen anere Participanten ëmmer opgedréint a schéngen einfach net midd ze ginn. A Wierklechkeet kënne si sech nëmme schwéier op eppes konzentréieren a verléiere séier hiert Interessi. De Moniteur muss och hei ëmmer drun denken, dass dës Kanner un enger Stéierung leiden an net dofir kënnen, wann op eemol d'Opmierksamkeet fort ass an se ufänken de Grupp ze stéieren.

Fir dass et guer net souwäit kënnt, kann ee kucke fir a verschiddene Situatiounen eng kleng Extra-Aufgab ze fannen, z. B. däerf dat Kand mam Moniteur Material siche goen, dat grad gebraucht gëtt. Ganz oft kann ee mat sou Kanner och Komproмësser agoen: «wann s du … mëschs, dann däerfs du … «.

Och hei ass et wichteg, wa Problemer am Grupp bestinn, déi aner Kanner drop opmierksam ze maachen, dass deejéinegen och eng Behënnerung huet.



## Autismus

Autismus ass eng mëttlerweil zimlech bekannte Behënnerung. Déi betraffe Persounen hu Problemer sech op eppes ze konzentréieren, all déi Reizer vu baussen ze sortéieren.



Beispill: Wa mir amgaang sinn um Computer ze schaffen, ass d'Summen e Geräisch wat fir eis am Hannergrond ofleeft, genee wéi den Auto dee grad laanscht fiert oder d'Villercher déi dobaussen zwitscheren. En Autist huet déi Fähegkeet net, hien hëlt alles op. Well dat natierlech (ze) vill ass, zitt hien sech zréck, entweder a seng eege Welt oder z. B. aus dem Iess-Sall oder vun enger Aktivitéit. An deem Fall sinn einfach ze vill Reizer do an d'Kand kritt se net verschafft.

Verschidden Autiste sinn (an engem Gebitt) immens begaabt, dat ass allerdéngs eng Ausnam an net d'Regel (wei am Film «Rain Man» mam Dustin Hoffmann).

Engem autistesche Kand muss een d'Méiglechkeet gi sech zeréckzezéien, an dem Grupp muss een erklären, dass dat Kand dat an deem Moment brauch. Och hei ginn et äusserlech net vill Unzeechen, dass d'Kand behënnert ass (ausser déi grouss Aen, déi engem meeschtens direkt opfalen).

Déi meescht Kanner mat enger autistescher Stéierung hunn e feste Rhythmus. Duerch d'Kolonie gëtt dëse Rhythmus gestéiert, an et ka virkommen dass d'Kand guer net esou reagéiert wéi d'Elteren dat viraus gesot hunn. Et muss een d'Kand fréi op dat virbereede wat op et duer kënnt, d.h. moies den Dagesoflaf erklären, (z.B.: Atelier, Schwämm, Disco).

# 1.4 Heefeg Syndromer

## Williams-Beuren-Syndrom

Dës Kanner hunn eng Verengung vun der Schlag- oder an deelweis hu si och en ugebuerenen Häerzfehler. D'Diagnose gëtt mëttels geneteschen Tester gestallt an et besteet e Problem um Chromosom 7. D'Mierkmoler sinn, dass d'Kanner méi lues wuessen an „elfenarteg" Gesichter hunn: eng breet Stir, ervirstoent Bake-Knachen, eng verdéiften Nueswuerzel an ee grousse Mond mat décke Lëpsen, grousser Zong a wäit ausernee stoenden Zänn.

Si hunn ganz oft och Konzentratiounsschwiereg- keeten am Alldag an si geeschteg liicht hannendran. Si fänken méi spéit u mat schwätzen, huelen hiren Retard dann awer séier op. Kanner mat Williams-Beuren-Syndrom sinn empfindlech fir Geräischer an immens ängschtlech an hinnen onbekannte Situatiounen, hunn awer kee Problem op Leit duerzegoen. Oft si si souguer immens unhänglech an hu Problemer eng gewëssen Distanz zu hirem Ëmfeld ze halen.

Des Weideren ass eis opgefall, dass déi meescht Participante mat Williams-Beuren-Syndrom musikalesch immens begaabt sinn.



## Fragiles-X-Syndrom

Dëst Syndrom kennt virun allem bei Männer vir an ass déi zweet heefegst Ursaach fir eng geeschteg Behënnerung (no der Trisomie 21). D'Syndrom trëtt a bestëmmte Familljen op well et vierflech ass. D'Mierkmoler vum Syndrom si ganz breed gefächert, well se sech mam Alter veränneren. Kléng Kanner vermeiden Ae-Kontakt, spillen gären eleng, sinn ongedëlleg, reagéieren negativ op Autoritéit a si si ganz aktiv an impulsiv. Si si mat hirer kognitiver a sproochlecher Entwécklung hannendran, hiren IQ läit tëschent 35-70 (Mëttelwert:100). Si hu keng gutt Konzentratioun, wat an der Schoul zu Léier-Problemer féiert. Hire Verhalt ass allerdéngs ganz gutt. Kanner mat Fragil-X-Syndrom schwätzen heefeg immens séier an ondäitlech, sou dass een gutt nolauschteren muss, fir si ze verstoen. Wat wichteg ass beim Zesummeschaffe mat dëse Kanner, ass dass een hir Iwwer-Empfindlechkeet respektéiert, wat e wichtegt charakterlecht Mierkmol ass.

An hirem Ausgesinn ënnerscheeden si sech net vill vun net behënnerte Kanner. Typesch ass just e grousse Kapp mat enger héijer Stir, Oueren déi däitlech méi grouss sinn wéi normal an e breede Mond. Hir Kierpergréisst ass liicht méi kléng wéi den Duerchschnëtt.

## Fetales- Alkoholsyndrom

Bei dësem Syndrom ass et den Alkohol den sech op dat ongebuerent Kand auswierkt. Et ass e prenatalt Syndrom wat net genetesch bedéngt ass. Et ginn zwou Aarten vum Syndrom, den „Fetalen Alkoholsyndrom", wou d'Kanner all d'Mierkmoler virweisen an den „Fetalen Alkoholeffekt", wou just puer Mierkmoler ze bemierken sinn an d'Kanner äusserlech net ze erkenne sinn. Dës Kanner hu kierperlech a psychesch Entwécklungsstéierungen. Hir Mierkmoler sinn: Wuestumsschwieregkeeten, e kléngе Kapp, kléng Aen, eng Renn zwëschent der Nues an dem Mond a ganz dënn Lëpsen. Wat si charakteriséiert ass, dass si manipulativ, launesch a geleeëntlech aggressiv sinn. Et ass opfälleg, dass si ëmmer erëm de selwechte Feeler maachen.

## Prader-Willi-Syndrom

Bei Kanner mam Prader-Willi-Syndrom ass den Hypothalamus betraff, duerch eng Dysfunktioun neigen dës Kanner zu iwwerméissegem Iessen. Et ass awer net bewisen, dass et just doru läit. Et ginn ganz ënnerschiddlech Stufen vun der Behënnerung, vu ganz liicht bis ganz schwéier. Hir Liewenserwaardung hänkt och ganz vun der Kontroll vum Gewiicht of. D'Kanner hunn en extremen Appetit a kéinten andauernd iessen. Well Kanner mat Prader-Willi-Syndrom méi lues wuessen wéi aner Kanner (si kréien dofir dacks Wuesstemshormoner gesprëtzt) a fir dass hir Gewiichtszounahm net ze grouss ass, mussen si eng ganz streng Diät maachen (si däerfen net méi wéi 1000 Kalorien pro Dag zou sech huelen).

Dëst ass ëmsou méi schwéier, well d'Kanner immens fixéiert op Iessen sinn an net zécken, dëst och vum Buedem oder aus der Poubelle ze fëschen. Si hunn ee massiven, luesen a verschlofene Kierper (Hypotonie). Och zupfen a krazen si sech andauernd un hirer Haut. Kierperlech Problemer kenne sinn, en ze héije Bluttdrock, Häerz- a Kreeslafproblemer an Diabetes mellitus. Hir motoresch a sproochlech Entwécklung ass liicht verzögert a si schwätzen heefeg ondäitlech. Wat wichteg ass am Ëmgang mat dëse Kanner, ass dass si ee ganz kloeren an strukturéierten Oflaf hunn. Dëst kann hir aggressiv Ausbréch (Sturheet, Roserei, sech an aneren wéidoen, ...) och verréngeren.



# 1.5 Zousätzlech Behënnerungen

Zu deenen zousätzleche Behënnerunge gehéieren:

## Sproochbehënnerungen (Kommunikatioun)

Vill behënnert Kanner hu Problemer mat der Sprooch. Dëst ka motoresch bedéngt sinn (e Kand mat enger Trisomie 21 huet z. B. eng Zong déi par Rapport zum Mond ze grouss ass) oder d'Kand tuddelt, lispelt, ...

Aner Kanner schwätzen nëmmen eenzel Wierder: hei soll een am Kontakt mat den Elteren Informatioune sammele wéi d'Kand sech verständlech mëscht.

Déi wichtegst Zeechen déi ee sollt wëssen: Honger, Duuscht, Wéi, Toilette, jo, nee,... Virun allem heescht et heiansdo Gedold hunn, erausfanne vu wat d'Kand schwätzt (Thema?) an dann d'Detailer klären.

## Problemer beim Gesinn

Och visuell Problemer sinn net seelen. D'Kanner hu Bréller, op déi een als Moniteur sollt en Aen hunn (dobäi hunn, net vertässelen, heiansdo kucken ob en och nach propper ass, ... ). Et soll een dës Kanner och net onbedéngt an en Atelier orientéieren, wou ee kleng Saache muss kniwwelen.

## Problemer mam Gehéier

Och hei ginn et ënnerschiddlech Situatiounen: engem Kand, wat sech net gutt konzentréiere kann op dat wat gesot gëtt, sollt ee kuerz a präzis Uweisunge ginn. Et sollt een och sécher goen dass een dobäi dem Kand seng Opmierksamkeet huet (a meng Richtung dréinen a Bléck-Kontakt opbauen).

Bei Problemer mam Gehéier, sollt ee kucken dass d'Kand bei de Spill-Erklärungen och alles matkritt (net ganz hanne stoen) an och alles verstan huet (nach eng Kéier erklären).

Bei aneren, déi Problemer mat den Oueren hunn, muss een z. B. an der Schwämm oppassen (Stëpp an den Oueren). Verschidde Kanner hunn am Dag een Hörapparat un. Den Ëmgank mat dësen Hëllefsmëttelen soll ee sech vun den Elteren erkläre loossen.



## Epilepsie

Bei den epilepteschen Ufäll ënnerscheede mir zwëschen zwou verschiddene Formen:
**- de Grand-mal**
**- d'Absence**

Beim Grand-mal verléiert d'Kand d'Bewosstsinn, hat fält op de Buedem, de ganze Kierper verkrämpt sech an et trieden Zuckungen op. D'Absencë si ganz liicht epileptesch Ufäll, d'Kand huet d'Aen op, reagéiert awer net wann een hat uschwätzt. Normalerweis sinn dës Ufäll no e puer Sekonnen eriwwer a ginn oft als Dreemerei mëssverstane. Et ka sinn dass d'Kand bei enger Absence liicht zuckt (z.B: mat den Hänn oder d'Aen gi ruckelzeg hin an hir).

Et ass ganz wichteg, dass ee weess, ob e Kand Epileptiker ass, a genee esou wichteg ass et, dass ee weess ob et meeschtens just Absencën oder awer grouss Krise mëscht.

Kanner déi oft e Grand-mal maachen, hunn normalerweis e Medikament dat «Diazepam» heescht. Dëst ass eng Tüb déi een ëmmer muss dobäi hunn (virun allem bei Aktivitéiten, déi net um Site sinn). Wann d'Kand eng Kris mëscht, muss den Inhalt vun der Tüb rektal gesprëtzt ginn. Virdru muss mat den Elteren gekläert ginn, ob den Diazepam muss direkt gesprëtzt ginn, oder ob ee muss eng bestëmmten Zäit ofwaarden, ob d'Krämp net vum selwen noloossen.No engem Grand-mal sinn d'Kanner normalerweis midd, si mussen d'Méiglechkeet kréie fir ze schlofen. Bei Kanner, déi epileptesch Ufäll hunn, muss ee bei verschiddenen Aktivitéiten, virun allem an der Schwämm, gutt oppassen! Et däerf ee si ni aus den Ae verléieren.

Wei verhält ee sech bei engem Grand-Mal?

- roueg bleiwen
- direkt ob d'Auer kucke fir d'Dauer vum Ufall ze registréieren
- Géigestänn, un deenen d'Kand sech kéint wéi doen, ewech raumen
- **Näischt** tëschent d'Zänn maachen
- Been an Äerm **net** festhalen
- Diazepam sprëtzen
- D'Kand roueg loossen, zoudecke fir dass et net ënnerkillt
- Wann d'Zuckungen net noloossen (5 Min) den Dokter ruffen

# 2. Allgemeng praktesch Informatiounen

Op de folgende Säite gi mir op verschidde Situatiounen aus dem Alldag an. Verschidden Erklärunge sinn extrem wichteg fir den Ëmgang mat behënnerte Kanner oder Jugendlechen.

D'Hiewen an d'Droe vu Persoune spillt eng grouss Roll op eisen Aktivitéiten, et ass wichteg dass all Moniteur weess wéi ee richteg hieft fir sech ze schounen a seng Gesondheet net onnéideg op d'Spill ze setzen.

Eis Participanten hu vill verschidden Hëllefsmëttel, dat geet vum Bréll iwwer den Hörapparat bis hin zu de Schinnen an dem Rollstull. Dës Saache si meeschtens speziell fir dat jeeweilegt Kand hirgestallt ginn an deemno och meeschtens net bëlleg. All Moniteur muss sech vun den Elteren den Ëmgank mat deene Saache genee erkläre loossen. Ausserdeem muss een och deenen anere Kanner erklären, dass dës Saache fir dat betreffend Kand wichteg sinn an deemno net geduecht si fir ze spillen.

Déi meescht behënnert Kanner musse Medikamenter huelen. Fir d'Kanner sinn déi Medikamenter liewenswichteg, si musse se dofir an der richteger Dosis an zum richtegen Zäitpunkt kréien.

D'Hygiène an d'Soins'e gehéieren op enger integrativer Kolonie zum Alldag, mir ginn hei e puer Rotschléi wéi ee sech d'Liewe ka méi einfach maachen.

Beim Iesse ginn et zwou wichteg Saachen: éischtens hu mir oft Kanner déi Allergien hunn an zweetens kënne vill Kanner net selbstänneg iessen an de Moniteur muss hinnen hëllefen.










## 2.1 Hiewen an Droen

### Vum Sëtzen zum Stoen
### Wat geschitt physiologesch gesi beim Opstoen?

Beim Stoen ass de Schwéierpunkt zwëschen de Been an der Géigend vum Becken.



Beim Sëtzen ass de Schwéierpunkt iwwert der Sëtzfläch.



Wann ee wëll opstoen, muss een de Schwéierpunkt duerch Gewiichtsverlagerung no vir zwëschen d'Been bréngen. Dofir rutscht een um Stull no vir, béckt den Uewerkierper vir iwwer an hieft sech.





Falsch



**Richteg**

Wéi hieft ee richteg?
- an d'Knéie goen, de Réck riicht halen
- Kierper-no hiewen an droen
- eng grouss a sécher Standfläch
- Keng Dréiung während dem héich Hiewen
  **1. Hiewen**
  **2. Dréien**
- D'Bauchmuskulatur uspanen

## Hiewen an Droe vu Persoune

### Op wat muss een oppassen?


- D'Handlunge sproochlech begleeden
- D'Kand soll wa méiglech mathëllefen
- Virdrun d'Richtung bestëmmen
- Op Kommando hiewen

### Verschidde Gréfftechniken

Handgelenkgréff



Rautegréff



## Aus dem (Roll-)Stull hiewen

Et gi verschidde Methode fir eng Persoun aus dem Rollstull ze hiewen. Jee no Gréisst a Gewiicht muss ee kucke wéi een d'Kand am beschte gehuewe kritt. Wann d'Kand schwätze kann, soll een hat roueg froe wéi hat dat am léifsten huet.

Grondsätzlech sollt ee sech dës Technik mierken, déi bei de meeschte Kanner, awer virun allem bei Jugendlechen, déi scho méi schwéier sinn, klappt. De Moniteur (Persoun B) stellt sech virun d'Kand (Persoun A) an hëlt seng Féiss a Knéie fest tëschent seng eegen. De Moniteur geet an d'Knéien a léisst de Réck gestreckt. Hie leet sech d'Äerm vum Kand iwwer d'Schëlleren, gräift mat sengen Äerm ëm d'Kand a péckt säin eegent Handgelenk hannert dem Kand sengem Réck.

Op Kommando hieft de Moniteur d'Kand mat Schwong héich andeems hie sech riicht stellt an d'Kand duerch d'Fixéierung u Knéien, Réck an Äerm mat héich hieft.

Des Methode soll nëmme bei Persounen ugewannt ginn, déi selwer Drock op hir Féiss kënne ginn.

Schëllergréff



## Vun enger Plaz op eng aner

Kanner a virun allem Jugendlecher hunn oft eng staark Muskulatur a kënne sech praktesch selwer vun enger Plaz op déi aner hiewen. Trotzdem soll ëmmer eng Persoun dobäi sinn, fir anzegräifen wann eppes geschitt.

Wann dat net de Fall ass, hieft een d'Kand, wéi am Abschnitt virdru beschriwwen, aus dem Rollstull an dréit sech da mat him a sëtzt et rëm nidder.

Dobäi ass et wichteg opzepassen, dass een d'Kand wierklech op de Stull setzt an et net virdrun fale léisst.

Wann d'Kand rëm sëtzt, kuckt een dass fir d'éischt den Uewerkierper richteg positionéiert ass, ier een dann d'Been richteg stellt.










## Eng Persoun droen

Kleng a liicht Kanner kënne vun engem Moniteur gehuewe ginn. Hie leet sech een Aarm vum Kand op d'Schëller a fiert mat sengem rietsen Aarm ëm de Réck vum Kand bis ënner den aneren Aarm. Da gräift de Moniteur mat sengem lénken Aarm ënner d'Knéie vum Kand an hieft et héich. Wann d'Kand méi schwéier resp. méi grouss ass gëtt hat vun zwee Moniteure gehuewen.

Si maachen da jeeweils säiteverkéiert dat selwecht. Oder awer dee Stäerksten hieft d'Kand mam Rautegrëff um Uewerkierper an den aneren hieft dem Kand seng Been. Hei ass et besonnesch wichteg, net nëmmen ee geneeë Kommando auszemaachen, mä och ze wëssen, wien de Kommando (1-2-3) gëtt.











## Vum Leien zum Sëtzen



1. D'Been héich stellen



2. D'Kand op d'Säit dréien.



3. D'Been iwwer de Bord vum Bett erofzéien.



4. Den Uewerkierper héich hiewen.

# 2.2 Den Ëmgang mat Héllefsmëttelen

## De Rollstull

De Rollstull ass fir déi Kanner, déi net mobil sinn, dat eenzegt Mëttel fir sech kënne fräi ze bewegen. An och fir déi Kanner, déi net selwer kënne fueren, ass et niewent dem Buggy dat wichtegst Transportmëttel.
Meeschtens sinn d'Rollstill speziell op en eenzelt Kand zougeschnidden, si sinn aus deem Grond relativ deier an dofir muss een am Ëmgang mat engem Rollstull immens gutt oppassen an e puer wichteg Regele beuechten.

## Regelen am Ëmgang mam Rollstull

- net domat spillen
- propper halen
- wann eppes futti geet direkt mam Responsabel schwätzen
- net an der Sonn stoe loossen (d'Pneue kënne platzen)
- d'Brems amaache wann een de Rollstull iergendwou histellt
- op d'Positioun vun de Kippstützen oppassen

## Mam Rollstull en Trëttoir erof fueren

Et fiert ee mam Rollstull bis un de Rand vum Trëttoir, da kippt een de Rollstull lues no hannen a léist déi grouss Rieder lues iwwer de Bord erof rullen. Bei méi schwéiere Kanner muss ee säin eegent Kierpergewiicht als Géigegewiicht asetzen, fir dass de Rollstull net mat engem Ruck ënnen opkënnt.

Dee ganze Manöver kann een och ëmgedréint maachen. An deem Fall dréint een de Rollstull ëm, et fiert een also mam Réck bis un de Bord vum Trëttoir, kippt de Stull no hannen a léist de Rollstull da lues erof widder den eegene Kierper lafen.



## Mam Rollstull en Trëttoir erop fueren

Et fiert ee mam Rollstull bis bei den Trëttoir, da kippt een de Rollstull lues no hannen an et fiert een e Stéckelchen no vir bis déi kleng Rieder um Trëttoir sinn.

Duerno zitt een de Rollstull un de Gréffer héich bis och déi grouss Rieder um Trëttoir stinn.

Och dëse Manöver kann een den ëmgedréinte Wee maachen. Dofir dréint een de Rollstull ëm d.h. mat de grousse Rieder bis bei den Trëttoir, dann zitt een de Rollstull lues iwwer de Bord erop.





## Mam Rollstull eng Trap erof oder erop fueren

Et ass am sécherste wann heibäi zwou Persounen hëllefen. Grondsätzlech muss een erëm dat selwecht maache wéi virdru beschriwwen. Et kippt een de Rollstull lues no hannen an da léist een e lues iwwer de Bord vum Träpplek erof rullen, respektiv et zitt een en héich.

Déi zweet Persoun peekt de Rollstull ënnert den Äermstützen un a wierkt der Kraaft entgéint fir dass de Stull net ze schnell erof rullt, respektiv si dréckt de Rollstull vun ënnen zousätzlech erop.



## Wichteg!

**1. Egal wou dir erof oder erop fuert, dir musst oppassen dass dir d'Kippstützen net beschiedegt. (D'Kippstütze si kleng Riedercher déi hannen tëschent de grousse Rieder ubruecht sinn. Si solle verhënneren dass d'Kand mam Rollstull no hanne kippt.) Wann dir mam Stull manövréiert, ass et besser dir dréint se no bannen.**

**2. Wann dir de Rollstull musst hiewen, da musst dir oppassen dass dir do upaakt wou keng Stécker kënne lass goen.**

## Den elektresche Rollstull

Déi Kanner, déi en elektresche Rollstull hunn, si mobil a kënne sech doduerch och fräi bewegen. Et däerf een awer op kee Fall mengen dass si dowéinst keng Surveillance bräichten, am Géigendeel.

D'Kanner schätzen oft Geforen net richteg an, respektiv gesinn se net.

**géi Steigungen:**
Wann d'Kand gär iergendwou erop fiert, wou et ze géi ass, kann de Rollstull no hanne kippen.

**d'Kéier maachen:**
D'Kanner mierken net onbedéngt dass een niewent hinne steet a rennen an een, wa si wëllen d'Kéier maachen. Et muss een och deenen anere Kanner aus dem Grupp erklären, dass si mussen oppassen.



**am Haus fueren:**
Den elektresche Rollstull huet Gäng, am Haus sollen d'Kanner maximal am zweete Gang fueren.

**op der Wiss:**
Well d'Wiss net riicht ass muss een immens oppassen dass d'Kand net an enger Kaul hänke bleift an tippt.

**geféierlech Strecken:**
Den elektresche Rollstull kann een och op manuell ëmstellen. Wann dir Weeër gitt, déi geféierlech sinn ( et geet Trapen erof, et ass net vill Plaz ... ) kënnt dir de Stull op manuell stellen. Maacht dat awer w.e.g. just am Noutfall. Et hëlt een dem Kand domat seng Fräiheet.

## Wichteg!

**1. Et muss een ëmmer an der Géigend vum Kand sinn an op d'Geforen oppassen.**

**2. Kanner, déi en elektresche Rollstull hunn, versti relativ gutt wat si däerfen a wat net. Wann dir also mierkt dass ee Kand eppes express mëscht, musst dir direkt kloer stellen dass hat dat net däerf.**

**3. D'Batterie vum elektresche Rollstull muss onbedéngt iwwer Nuecht opgeluede ginn.**

## De Corset

Verschidde Kanner hunn e Corset well si sech net kënne riicht halen. E Corset ass aus Plastik oder aus Mousse [Schaumstoff] a gëtt vir mat e puer Rimmer fixéiert. Et soll een sech vun den Eltere weisen loossen, wéi een en am beschten undeet an nofroen, wéi laang d'Kand de Corset verdréit.

Ënnert dem Corset muss d'Kand ëmmer en Hiemchen unhunn, d'Hiemche muss ëmmer glat gezu ginn, well soss entstinn Drockplazen, déi enorm wéi dinn. Direkt nom Bueden oder no der Schwämm sollt een de Corset net undoen, well d'Haut da méi mëll ass an doduerch och éischter Drockplazen entstinn.





## D'Schinnen

Et gi Schinne fir d'Äerm a fir d'Been. Op de Kolonien hu mir meeschtens just Kanner, déi Schinne fir d'Been brauchen. D'Schinnen ënnerstëtzen dem Kand seng Gelenker a seng Muskulatur an hëllefen him esou dass hat kann op senge Been stoen a goen.

Och bei de Schinne muss ee sech vun den Eltere weise loossen, wéi een se am beschten undeet an nofroen, wéi laang d'Kand se verdréit. Ënnert de Schinne muss d'Kand ëmmer Strëmp unhunn (glat zéie fir Drockplazen ze vermeiden).

Wann een d'Schinnen undeet muss een ëmmer oppassen dass si richteg sëtzen, et kënnt soss zu enger Feelstellung vun de Glidder an eventuell zu enger Verkierzung vun de Muskelen/Sehnen. Bei Kanner, déi schwätze kënnen, soll een nofroen ob d'Schinne richteg sëtzen.





## D'Bettgitter

Kanner, déi net mobil sinn a bei deenen d'Gefor besteet, dass si an der Nuecht aus dem Bett falen, hunn e Bettgitter. Dat ass e Gestell, dat zu engem Deel ënner d'Matratz gedréckt gëtt, esou dass een zweeten Deel (Netz) op der Säit vum Bett an d'Luucht kuckt an domat verhënnert, dass d'Kand aus dem Bett fält.



## Verschidde Vëloen

Fir dass déi behënnert Kanner och kënne beim «fräie Spill» matmëschen, léine mir all Joer beim SMA (Services Moyens Accessoires) e puer speziell Vëloen.



1. De „Rollfiets": dat ass e Vëlo dee vir eng Schuel huet, wou ee Kanner kann dra setzen, déi duerch hir gestéiert Motorik net selwer kënne mam Vëlo fueren.



2. Den Tricycle: dëse Vëlo huet hannen zwee Rieder. Et ass u sech e grousst Dräirad. Heimat kënnen och Kanner, déi Gläichgewiichtsstéierungen hunn, ouni Problem fueren.



3. Den Tandem: Bei dësem Vëlo sëtzt déi behënnert Persoun vir an de Moniteur hannendrun. Vir kann een nëmmen pedaléieren, während een hannen och d'Richtung bestëmme kann.



## Verschidde Kommunikatiounshëllefen

Déi verschidde Kommunikatiounshëllefen erméiglechen deene Kanner, déi net selwer schwätze kënnen, sech verständlech ze maachen.

1. Go Talk 4 / 9 / 20 / 32: Um Go Talk si Biller drop. D'Orthophonistin vun de Kanner schwätzt hinnen dann zu deenen eenzelne Biller déi entspriechend Wieder op de Go Talk. Wann d'Kand da wëll eppes soen dréckt hat op dat entspriechend Bild, an et héiert een d'Stëmm vu senger Orthophonistin. D'Kanner hunn de Go Talk normalerweis um Rollstull fixéiert. All Go Talk huet seng fest Unzuel u Casen (4, 9, 20 oder 32) an op all Go Talk kann een maximal 5 Fichen programméieren.




2. Tobii: Dës Kommunikatiounshëllef ass ähnlech wéi de Go Talk, allerdéngs kann een d'Unzuel u Casen variéieren a méi eng grouss Unzuel u Fichen programméieren wéi beim Go Talk. Doduerch erreecht een méi eng grouss Flexibilitéit.



3. Tellus Mobi: Dëst ass ee richtege Computer mat Sprachausgab (dat ass eng elektronesch Stëmm, déi dat ausschwätzt, wat een agetippt huet). Et kann een awer och selwer Saachen drop ophuelen (wéi beim Go Talk an Tobii). Mat dësem Apparat erreecht een déi gréisstméiglech Flexibilitéit, well een sou vill Ennerkategorien wéi néideg ka programméieren.



4. Tellus: Dëst ass nämmlecht wéi den Tellus Mobi ee richtegen Computer, mä en ass am Bildschierm nach méi grouss wéi den Tellus Mobi.



**Dat Wichtegst am Ëmgang mat dëse Kommunikatiounshëllefen ass, sech an dem Kand Zäit ze loossen. Oft dauert et relativ laang, bis e Kand op sengem Apparat dat fonnt huet, wat et matdeele wëll. Trotzdem soll een net fir d'Kand schwätzen mee sech déi néideg Zäit huelen, fir dass d'Kand sech selwer ausdrécke kann.**

**Allgemeng sinn dës Kommunikatiounshëllefen alleguer immens deier (déi bellegst kascht ëm déi 2000 Euro), sou dass et wichteg ass, ganz gudd drop opzepassen. Fir vill Kanner sinn dës Apparater déi eenzeg Méiglechkeet, sech auszedrécken. Et soll een also net vergiessen dass wann den Apparat futti ass, d'Kand a senger Kommunikatioun immens beanträchtegt ass.**

## 2.3 Medikamenter

Ganz vill behënnert Kanner musse regelméisseg Medikamenter huelen. Dës Medikamenter si wichteg an et däerf een ënner kengen Ëmstänn vergiessen dem Kand se ze ginn.
Well déi meescht Medikamenter immens staark sinn, muss de Moniteur oppassen dass just dat Kand se hëlt, fir dat se geduecht sinn. D'Medikamenter däerfen néierens leie gelooss ginn (och net um lessdësch), wou d'Gefor besteet, dass en anert Kand se kéint huelen.

Medikamenter op der Kolonie
All Kand, dat mat op eng Kolonie geet, muss eng Fiche médicale ausfëllen. Hei stinn déi wichtegst Donnéeën drop. Wann e Kand muss e Medikament huelen, dat dir net kennt, da frot w.e.g. bei den Elteren no, fir wat et ass.

### Speziell op der Zeltkolonie:

- D'Eltere musse beim Accueil ee «Medikamentenziedel» ausfëllen, op deen den Numm vum Medikament stoe kënnt, esou wéi d'Dosis déi muss geholl ginn an d'Zäit zu där d'Kand d'Medikament muss kréien.

- De Moniteur muss ausserdeem nach nofroen ob d'Elteren en Trick hunn, mat deem si dem Kand d'Medikamenter ginn (z.B.: op der Schmier, mat Drauwejus,...). Et ka soss virkommen, dass d'Kand d'Medikamenter net hëlt.

- Pro Kand ass ee Moniteur responsabel fir d'Medikamenter. Hie muss dofir suergen dass d'Kand d'Medikamenter ëmmer kritt an dass se evtl. mat op eng Aktivitéit geholl ginn, wann et muss sinn.

- Wann de Moniteur dem Kand d'Medikament ginn huet, muss hien e Kräiz op der «Medikamente-lëscht» maachen, fir dass déi Responsabel kënne kontrolléieren, ob all Kand säi Medikament kritt huet.

- Virun allem op der Zeltkolonie gëllt: d'Medikamenter net iergendwou hi setze wou e Kand dru kënnt, well et si Kanner do, déi einfach alles an de Mond stieche wat si fannen.

### Wichteg!

**1. D'Medikamenter si fir déi meescht Kanner liewens-wichteg! Wann awer e Kand se hëlt, fir dat se net geduecht sinn, kënne se liewensgeféierlech sinn.**





## 2.4 Hygiène a Soinen

### Hygiène fir Kanner am Rollstull

Kanner, déi am Rollstull sëtzen, kënnen oft net fir hir eegen Hygiène suergen, soudass de Moniteur dat iwwerhuele muss.
Zur deeglecher Hygiène gehéieren:
- Zänn wäschen
- Gesiicht wäschen
- Hoer kämmen
- Hänn regelméisseg wäschen
- Bräll propper maachen
- bei dréchener Haut regelméisseg acrèmen
- wéckelen (d'Kand muss ëmmer eng propper Pampers unhunn)
- owes mam Läppchen de Kierper wäschen
- de Rollstull propper maachen (Sëtzfläch, Rieder, ... )

### Kanner frësch maachen

Verschidde Kanner, mä awer och Jugendlecher, sinn nach net propper wa si mat op d'Kolonie ginn. Zu den Aufgabe vum Moniteur gehéiert et, d'Kanner frësch ze maachen.

Wéi mëscht een e Kand frësch?
Éier een d'Kand aus dem Rollstull hëlt, muss ee sech déi Saache prett leeën, déi ee brauch. Dozou gehéieren: Feuchttücher, Läppchen, Duch, Händchen, Drecksback, nei Pampers, eventuell Crème an nei Kleeder. Well net ëmmer dee selwechte Moniteur d'Kand frësch mëscht, muss een Uerdnung am Kand senge Saachen halen, fir dass och deen nächste sech zu Recht fënnt. Da ginn et och nach e puer "Tricken", déi d'Liewen op der Kolonie méi einfach maachen:

1. All Kand brauch esouwuel en Duch, wéi och e Läppche fir am Gesiicht gewäsch ze ginn, wéi och jeeweils een(t) fir ënnen erëm. Fir déi jeeweileg Dicher a Läppercher ze zeechnen, huet et sech bewäert, Wäschklameren ze huelen. (De Läppche kann een awer och banne-baussen dréien)

2. Verschidde Kanner hu Problemer mam Stullgang an et ass un de Moniteure fir d'Kontroll ze behalen, ob all Kand eng «grouss Kommissioun» gemaach huet. Well am Oflaf vun der Kolonie normalerweis net vill Zäit bleift, fir sech doriwwer ofzeschwätzen, rode mir eng «Volltrefferlëscht» ze maachen. Dofir hänkt een einfach e Blat mat enger Tabell bei d'Plaz wou een d'Kand wéckelt an et schreift een all Kéier drop, ob d'Kand eng kleng Kommissioun gemaach huet oder ob et e Volltreffer hat.

Wann d'Kand no dräi Deeg nach keng grouss Kommissioun gemaach huet soll een dem Responsabel Bescheed soen an dem Kand e puer mol Äppeljus (Viz) ze drénke ginn. Wann dat net hëlleft, ginn et verschidde Méiglechkeeten, z. B.: e Glyzerin-Zäppchen, Lansoÿl, ... Am schlëmmste Fall muss d'Kand e Fleet gemaach kréien, heibäi gëtt e Mëttel rektal gesprëtzt fir den Daarm eidel ze maachen.

### Hei elo zwou Manéiere fir e Kand frësch ze maachen:

Variant 1: **kleng Kanner**

- et stellt ee sech bei d'Féiss vum Kand
- et mëscht een d'Pampers op
- d'Been hieft ee mat enger Hand an d'Luucht
- et mëscht een den Hënner mat Feuchttücher of
- d'Pampers gëtt erausgezunn an direkt an d'Poubelle gehäit
- da mëscht een d'Kand ganz propper an et crèmt een eventuell wonn Plazen an
- dono hieft een erëm d'Been vum Kand héich an et leet een eng nei Pampers ënnert hat (déi Säit mat de Ritsch-Ratsche kënnt ënnen)
- da gëtt d'Pampers zougemaach an et kontrolléiert een ob d'Bännercher tëschent de Been richteg sinn, soss ass d'Pampers net dicht an d'Kand gëtt naass.

Variant 2: **grouss Kanner**

- et stellt ee sech op d'Säit vum Kand
- et mëscht een d'Pampers op
- dann dréit een d'Kand op d'Säit (vu sech ewech, sou dass een de Réck gesäit)
- et mëscht een den Hënner mat Feuchttücher of
- et hëlt een d'Pampers ewech
- ënner Ëmstänn muss een dat Ganzt och nach vun der anerer Säit widderhuelen
- da mëscht een d'Kand ganz propper an et crèmt een eventuell wonn Plazen an
- während d'Kand nach ëmmer op der Säit läit, dréckt een déi frësch Pampers vun der Säit e Stéckelchen ënnert et
- dann dréit een d'Kand op déi aner Säit an et zitt een d'Pampers eraus. D'Kand läit elo op der Pampers
- da mëscht een d'Pampers zou an et kontrolléiert een ob d'Bännercher tëschent de Been richteg sinn, soss ass d'Pampers net dicht an d'Kand gëtt naass.

Verschidde Kanner kënne gutt mathëllefe wa si eng frësch Pampers gemaach kréien. Si kënnen hir Been an d'Luucht hiewen an erliichteren engem domat d'Aarbecht.

### Kanner duschen

U sech wier et am einfachste fir Kanner mat enger schwéierer Behënnerung ze bueden. Leider ass awer an deene mannste Chaleten eng Buedbidden an och keen Asaz fir an d'Buedbidden. Wat een awer mindestens brauch ass eng behënnertegerecht Dusch. Wann e Stull un der Mauer fixéiert ass, kann ee Kanner, déi sech kënne sëtzen an unhalen, ouni Problem duschen. Kanner, déi sech net selwer kënne festhalen, hëlt ee Moniteur op de Schouss, een anere Moniteur duscht d'Kand a wäscht et. Wa kee Stull do ass, muss een eng Matt op de Buedem leeën an d'Kanner do duschen.

## Wichteg!

**1. Et muss ee mindestens zu zwee si fir e Kand ze duschen.**

**2. D'Kanner gi schnell kal, et muss een dofir séier maachen a si duerno direkt gutt ofdréchnen a föhnen.**



# 2.5. Iessen

## Allergien

Verschidde Kanner hunn Allergien op eenzel Liewensmëttel an däerfen dës dofir net iessen. Normalerweis schreiwen d'Elteren op d'Fiche médicale wéi eng Liewensmëttel hiert Kand net däerf iessen. Am heefegsten triede folgend Allergien op:

- Allergie op Mëllech
- Allergie op Nëss
- Allergie op verschidden Uebstzorten

Da ginn et och nach Kanner, déi verschidde Saachen net däerfen iessen, well si sech net mat hire Medikamenter verdroen. (z.B. däerfe Kanner, déi Medikamenter géint Epilepsie huelen, keen Alkohol kréien „Mon Chéri", Zoossen, … )

Am Kontakt mat den Eltere muss een nach weider Informatioune sammelen. Wat gi si dem Kand amplaz? (z.B. Soja-Produkter bei enger Mëllech-Allergie) Wat geschitt wann d'Kand trotzdem dat jeeweilegt Nahrungsmëttel ësst? (Ausschlag, .. ) Däerf d'Kand guer näischt vun deem Nahrungsmëttel iessen oder besteet just eng Gefor bei gréissere Quantitéiten?

## Problemer beim Iessen

Kanner, déi net selbstänneg kënnen iessen, musse vun engem Moniteur gehollef kréien. Dat fänkt domat un, dass e Kand seng Schmier net gemaach kritt oder säi Fleesch net ka schneiden.

Da ginn et awer och Kanner, déi guer net selbstänneg iesse kënnen, si sinn ëmmer op d'Hëllef vun engem Moniteur ugewisen. Während deenen éischten zwee Deeg muss een oppasse wéi gutt déi eenzel Kanner eens ginn. D'Informatiounen, déi een am Virfeld vun den Eltere kritt huet, sinn zwar meeschtens richteg, mä eben och net ëmmer.

Ier de Moniteur sech z'iessen hëlt, muss hien dofir suergen dass d'Kand z'iessen huet. Wann d'Kand zwar selwer iesse kann, d'Saachen awer net ka schneiden, muss de Moniteur dobäi hëllefen. Wann e Kand zwar d'Forschette/de Läffel bis an de Mond kritt, d'Saachen awer net kann oppicken, muss de Moniteur tëschenduerch ëmmer erëm nei oppicken. Wann e Kand guer net selbstänneg kann iessen, da muss de Moniteur him z'iesse ginn. Et ginn och Kanner déi keng fest Nahrung kënnen iessen, si mussen da speziell e Bräi gemixt kréien.

### Kanner déi net selwer kënnen iessen

**Op wat muss de Moniteur oppassen?**

- d'Iessen däerf net méi ze waarm sinn, et soll awer och net kal sinn
- ëmmer nëmmen eng Zort Liewensmëttel z'iesse ginn (net alles mëschen)
- kleng Stécker schneiden (eventuell Bräi maachen)
- réischt weiderfuere wann d'Kand ofgeschléckt huet
- tëschenduerch ze drénke ginn
- ee Sabbel-Duch undoen
- wann een de Mond vun wëscht, soll ee mat e wéineg Drock no uewen hi fueren (Drock fir dass d'Kand de Reiz ka lokaliséieren, no uewe
- fir ze förderen dass d'Kand de Mond soll zou maachen.)

### D'Haltung beim Iessen

Et kann een dem Kand vu vir z'iessen ginn, et dréit een d'Kand also zu sech. Et kann een awer och op engem Eck sëtzen an dem Kand da vun der Säit z'iesse ginn.
Wann d'Kand de Kapp net selwer ka riicht halen, kann een him eng Hand op de Kapp leeën. Et däerf een de Kapp awer op kee Fall no hannen iwwerstrecken, well d'Kanner sech da gär verschlécken. Wann een de Kapp liicht no vir hält, ënnerstëtzt een éischter dem Kand seng Kiefermuskulatur beim Zoubäissen. Déi selwecht Regele gëllen och fir d'Drénken.



## Hëllefsmëttel och um Iessdësch?

Verschidde Kanner hu Problemer beim Iessen, dofir hu si verschidden Hëllefsmëttel, déi hinnen et erméigleche besser eens ze ginn.

**Gréffer:**
speziell geformte Gréffer erméiglechen dem Kand e besseren Halt, hat kann da selwer schneiden an iessen.

**Anti-Glisse:**
fir dass den Teller net rutscht, stellt een en op e Plastik.

**Becher:**
extra Becheren erméiglechen dem Kand eng besser Koordinatioun fir ouni gréisser Problemer selwer kënnen ze drénken.

**Tellerrand:**
Kanner, déi hir Beweegungen net geziilt kënne steieren, kréien e Reef um Teller befestegt. Si kënnen dann d'Iesse mat der Forschette (oder Läffel) bis bei de Reef drécken, esou dass et op d'Forschette fält. D'Iesse fält esou och net vum Teller erof, d'Kanner kënnen doduerch relativ propper iessen.

# 3. Organisatioun an Oflaf vun enger Kolonie

### Um Beispill: Zeltkolonie fir eis all

**Historique vun der Zeltkolonie**
D'Iddi fir eng Kolonie z'organiséieren, un där souwuel behënnert, wéi och net-behënnert Kanner kënnen deelhuelen, kënnt vum Ben Homan. Hien huet eng Rei Joren am CMP (Centre médico-pédagogique), enger Schoul fir kierperbehënnert Kanner geschafft. Déi éischt Zeltkolonie war 1995 zu Munneref um Site vum CMP. Zënter dem Joer 2001 ass d'Kolonie all Joer zu Colmar-Bierg am Chalet Hirsch.

**Zil vun der Zeltkolonie**
Op der Zeltkolonie sollen d'Kanner an engem net-leeschtungsorientéierte Kader zesumme spillen, schaffen a sech méi no kommen. D'Zil vun der Kolonie besteet doran, dass behënnert an net-behënnert Kanner sech kennelëieren an Ängschten ofbauen. Vill Kanner haten nach ni Kontakt mat behënnerte Kanner a mir wëlle si op der Kolonie sensibiliséieren, fir den Ëmgang mat verschiddene Behënnerungen an och fir den Ëmgang mat den Hëllefsmëttel, déi vill behënnert Kanner brauchen.

D'Kanner solle léiere sech géigesäiteg, mat all hire Stäerkten a Schwächten, ze respektéieren an z'akzeptéieren. D'Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung am Fräizäitberäich ass an eisen Aen den éischte Schrëtt vun der Integratioun vu Mënsche mat enger Behënnerung an eiser Gesellschaft.

Op wat muss ee bei der Organisatioun oppassen? Op de folgende Säiten erkläre mir kuerz, wat een alles muss bedenken, wann een eng Kolonie wëll organiséieren, un där och Kanner mat enger Behënnerung deel huelen. Mir ginn hei net op déi Saachen an, déi ee bei all normaler Kolonie bedenke muss.



## 3.1 Wou maachen ech meng Kolonie?

D'Fro vum Site ass extrem wichteg, well et vum Site ofhänkt, wéi eng Aktivitéiten ee ka maachen, wéi vill Kanner ee ka mathuelen an ob een eventuell Kanner mat verschiddenen Hëllefsmëttel (Rollstull, Rulli, .. ) net ka mathuelen. Wann ee keng Kanner am Grupp huet, déi Problemer mat der Mobilitéit hunn, kann ee seng Kolonie am Prinzip op all Site maachen. Allgemeng gelt d'Regel, dass et fir net-behënnert Kanner méi einfach ass sech op engem behënnerte-gerechte Site ze beweegen a sech deem unzepassen, ewéi ëmgedréint. Hei am Land ginn et net vill Haiser, déi behënnertegerecht ageriicht sinn a genuch Plaz bidde fir eng Kolonie ofzehalen. Nodeems mir de Site zu Munneref net méi benotzen dierften, si mir op Colmar-Bierg «geplënnert».

De Chalet huet behënnerte-gerecht Sanitären, e Lift an eng Ramp fir an d'Haus eran ze fueren. Ausserdeem ass ronderëm d'Haus eng grouss Wiss, 200m wäit ewech ass e Schoulhaff mat enger Spillplaz an e grousse Park, soudass genuch Plaz ass fir Aktivitéiten.

**1. D'Accessibilitéit**
Et muss ee sech mat engem Rollstull am a ronderëm d'Gebai kënne beweegen. De Chalet ass net speziell fir behënnert Mënsche gebaut ginn, no an no ass en awer behënnerte-gerecht ageriicht ginn. Et ass eng Ramp do fir an d'Haus eran, um Rez-de-chaussée si behënnerte-gerecht Sanitären a fir op den éischte Stack gëtt et en Trape-Lift. Niewent dem Haus ass eng Vëlospist op där och Kanner an engem elektresche Rollstull sech kënnen ouni Problem beweegen. Op der Wiss ronderëm d'Haus muss een zwar oppassen, dass d'Kanner net mam Rollstull tippen, fir grouss Aktivitéiten ass si awer ideal.

**2. D'Sécherheet**
Behënnert Kanner brauchen an der Regel vill méi Opsiicht wéi aner Kanner. Si kennen dacks keng Geforen oder schätzen se falsch an. Et ass och wichteg dass de Site iwwersiichtlech ass, fir dass d'Moniteuren d'Kanner ëmmer all am Aen hunn. De Chalet läit um Enn vun enger Strooss, soudass praktesch kee Verkéier ass. Ronderëm d'Wiss ass en héijen Drot, esou dass kee Kand de Site onbemierkt ka verloossen. Wann d'Kanner d'Méiglechkeet kréie fir bis bei d'Schoul op d'Spillplaz ze goen, mussen zwee Moniteuren d'Opsiicht iwwerhuelen, fir dass d'Kanner net iwwer d'Vëlospist, déi laanscht de Chalet leeft, kënne fortlafen.

**3. De Sanitär**

Einfach Duschen an Toilettë ginn net duer. Et brauch een zumindest eng grouss Dusch wou ee Kanner mat enger schwéierer Behënnerung kann op eng Matt leeë fir si ze duschen. Ideal wier natierlech eng Bidden, wou een d'Kanner kéint dra bueden. Et muss eng Toilett do sinn, wou genuch Plaz ronderëm ass, fir dass zwee Moniteure bäikomme fir e Kand aus dem Rollstull ze hiewen an op d'Toilette ze sëtzen. Ausserdeem muss mindestens ee Lavabo do sinn, wou ee mat engem Rollstull drënner kënnt. Am Chalet Hirsch ass um Rez-de-chaussée e Raum an deem sech behënnerte-gerecht Sanitäre befannen.





**4. D'Dortoiren**

Déi meescht Kanner schlofen an den Zelter op engem Feldbett. Verschidde Kanner mussen awer opgrond vun hirer Behënnerung am Haus an engem Bett schlofen, well si eng Bett-Schéier brauchen, fir dass si net aus dem Bett fale respektiv klammen. Bei anere Kanner ass d'Gefor ze grouss, si am Zelt schlofen ze loossen, well si an der Nuecht gären opstinn an ronderëm wanderen.

**5. D'Plaz ronderëm**

Et geet awer net duer dass d'Gebai accessibel ass, och den Terrain ronderëm muss verschiddene Kriterien entspriechen. Et muss genuch Plaz si fir dass een ouni Problem kann Aktivitéite maachen, un deenen all d'Kanner deelhuelen. Et muss een den Terrain awer och kënnen esou andeelen, dass e puer Gruppe kënne getrennten Aktivitéite maachen, ouni sech dobäi géigesäiteg ze stéieren. Well et relativ vill Zäit ewech hëlt fir all d'Kanner op eng aner Plaz ze transportéieren, wier et gutt wann ee vum Chalet aus zu Fouss verschidde Plaze kéint areeche fir Aktivitéiten ze maachen (Park, Bësch, Schwämm, Duerf, ... )
Zu Colmar-Bierg ass hannert dem Chalet eng Wiss op där och d'Zelter stinn an deenen d'Kanner schlofen. Laanscht de Chalet leeft d'Vëlospist, esou dass ee kann e Vëlostour mat engem Ausfluch op Ettelbréck verbannen. Niewent dem Chalet sinn eng Schwämm an e Park an deem een och flott Aktivitéite maache kann.



## 3.2 D'Participanten

### Wien huelen ech mat?

Wann de Site accessibel ass, gëtt et eigentlech keng Ursaach firwat e Kand wéinst senger Behënnerung net sollt matgoen.
Op der Zeltkolonie schléisse mir keng Form vu Behënnerung aus. Normalerweis huele mir d'Kanner an där Reiefolleg mat, wéi si sech ugemellt hunn. Well sech awer ëmmer méi behënnert Kanner umelle wéi mir kënne mathuelen, musse mir e puer Kriterie berécksichtegen:

**1.** Mir huele virun allem déi Kanner mat, déi net kënne mat op eng aner Kolonie goen.

**2.** Mir huelen awer ni méi wéi ee Kand am Rollstull pro Grupp mat. Eventuell nach pro Grupp ee semi-mobilt Kand, also Kanner déi e wéineg kënne goen, awer gréisstendeels am Rollstull oder Buggy mat viru geholl ginn.

**3.** Pro Grupp huele mir mindestens ee liichtbehënnert Kand mat, d.h. ee Kand wat entweder e liichten Entwécklungsretard huet oder liicht Verhalensproblemer opweist.

**4.** Ganz wichteg ass awer och, dass een op d'Proportiounen oppasst. An de Gruppe soll eng Dynamik entstoen, déi d'Kanner matrappt an hinnen eng flott Kolonie erméiglecht. Fir dass dës Dynamik entsteet, ass et wichteg dass net méi wei een Drëttel behënnert Kanner matgeet. Dës Kanner si meeschtens passiv, si maache keng Stëmmung. Et sinn déi net-behënnert Kanner déi fir Stëmmung an Action suergen, a si mussen zu genuch sinn, fir déi aner mat ze rappen.

Bemierkung:
Well mir net all déi behënnert Kanner kennen, mussen d'Eltere bei der Umeldung e Formulaire ausfëllen (Annexe: Fiche d'inscription). Esou kréie mir déi néideg Informatiounen.

### Wéi vill Kanner huelen ech mat?

Well den Encadrement vu Kanner mat enger Behënnerung relativ héich muss sinn, gëtt och de Staff immens grouss. Mir huele momentan net méi wéi 12 Kanner mat enger Behënnerung mat op d'Kolonie. Am ganzen hu mir normalerweis 40 Kanner zu Colmar - Bierg.
Et muss een natierlech och kucke wéi vill Plaz een zur Verfügung huet an am Verhältnis dozou kucke wéi vill Kanner ee mathëlt.





## 3.3 De Staff

### Wéi vill Moniteure brauch een?

Fir en optimalen Encadrement ze garantéieren, muss ee kucke wéi vill Kanner ee mathëlt. Verschidde Kanner brauche quasi ee Moniteur fir sech alleng. Anerer lafen am Grupp mat a brauche just a verschiddene Momenter méi speziell Hëllef, esou dass de Moniteur sech gréisstendeels kann ëm de Grupp këmmeren.

Mir huelen am Prinzip pro Grupp 4 Moniteure mat, wa mir Gruppen hu wou méi schwéier behënnert Kanner dra sinn, huele mir eventuell nach ee 5. Moniteur mat. Mir hunn also am Moment bei 3 Gruppen ëmmer zwëschen 12 an 15 Moniteuren.

### Wat ass de Moniteuren hir Aufgab?

Niewent der Animatioun an dem normalen Encadrement, wéi op all aner Kolonie och, huet de Moniteur op enger Kolonie mat Integratioun vu behënnerte Kanner och nach e puer aner Aufgaben.

### Preparatioun vun der Kolonie

**1. Staffversammlung**
E puer Méint virun der Kolonie ass eng Staffversammlung. Hei gesinn d'Moniteure sech eng éischte Kéier a si kréien éischt wichteg Informatioune vun de Responsabele matgedeelt. An dëser Versammlung ginn souwuel de Programm vun der Kolonie wéi och d'Gruppe virgestallt, an d'Moniteuren deelen sech d'Virbereedung vun deenen eenzelne groussen Aktivitéiten op.

**2. Elteregespréicher**
No der Staffversammlung kommen d'Elteregespréicher. Si sinn e ganz wichtegen Deel vun der Preparatioun a sollen hëllefen d'Moniteuren op hir Aufgabe virzebereeden. Um Elteregespréich huelen d'Moniteure vum Grupp, d'Responsabel vun der Kolonie, d'Eltere vum Kand an d'Kand deel.

D'Elteregespréicher erfëllen e puer Objektiver:

**- Ängschten ofbauen:** D'Elteren an d'Kand léieren d'Moniteuren an de Site kennen. Oft ass et déi éischte Kéier wou d'Elteren hiert Kand hierginn a si sinn natierlech verونséchert. Si hunn Angscht dass een net kéint mat hirem Kand eens ginn. Am Gespréich kënnen Ängschten ofgebaut an en éischte Kontakt hiergestallt ginn.

**- Kenneléiere vum Kand:** heiansdo fäerten d'Elteren, dass d'Kand wéinst senger dach méi schwéierer Behënnerung kéint refuséiert ginn. An der Umeldung sinn d'Donnéeën ëmmer mat Virsiicht ze genéissen. Doduerch dass een d'Kand gesäit an an Aktioun erlieft, kann een d'Kand meeschtens besser aschätzen.
D'Eltere kënne Froe beäntweren an eis Informatioune ginn, déi d'Kand eis net ka ginn, an déi awer wichteg si fir den Encadrement vum Kand.

**3. Recyclage**
D'Moniteuren kommen 2 Deeg virun de Kanner um Site un. Um Recyclage ginn d'Responsabel de Moniteuren nach eng Kéier all wichteg Informatioune mat op de Wee, a punkto Oflaf vun der Kolonie, verschidde Behënnerungen, Ëmgang mat Problemer déi kënnen optauchen, … Um Recyclage ass och genuch Zäit, fir dass d'Moniteuren sech kenneléieren, sou dass si op der Kolonie schnell openeen agespillt sinn.

### Während der Kolonie

**1. Speziellen Encadrement**
Verschidde Kanner bleiwen net beim Grupp, kenne keng Geforen, sinn net mobil oder brauchen aus enger anerer Ursaach ee Moniteur fir sech. Dës Kanner stinn ënnert enger «1-zu-1-Betreiung», dat heescht dass ee Moniteur si ëmmer am Aen huet. Awer och déi Kanner mat méi enger liichter Behënnerung brauchen e speziellen Encadrement, z.B. wann et heescht schlofen, schwammen, duschen, … Si sinn dacks net esou selbstänneg, dass si hier Posch selwer paken oder sech frësch Kleeder undinn. Och kenne si hier eege Saachen net onbedéngt oder loossen hiert Geschir iergendwou leien.

**2. Soinen**
D'Moniteure mussen d'Kanner frësch maachen, si duschen an hinne bei der deeglecher Hygiène hëllefen. Ausserdeem di si hinnen d'Schinnen un a ginn hinnen déi néideg Medikamenter.
Ob der Kolonie gëtt keng Therapie oder speziell Förderung gemaach, mä et gëtt gekuckt dass fir all Besoin vum Kand gesuergt ass.

**3. Zesummenaarbecht vun de Moniteuren**
Déi 4-5 Moniteuren aus dem Grupp deele sech déi eenzel Aufgaben ob. Am Prinzip leeft et zu Colmar-Bierg esou dass d'Moniteure virun der Kolonie eng Zouuerdung fir déi Kanner mat enger Behënnerung maachen d.h. all Moniteur ass pro Dag fir ee bestëmmtent Kand zoustänneg an iwwerhëlt dann d'Soinen, Medikamenter, …

Esou kënnt et dann regelméisseg zu Situatioune, wou ee Moniteur grad amgaang ass ee behënnert Kand frësch ze maachen an een anere Moniteur ee Kand begleet, dat keng Gefore kennt oder net beim Grupp bleift. Déi aner zwee Moniteure këmmere sech an dem Moment ëm déi Kanner déi just a spezielle Momenter Hëllef brauchen a féieren ausserdeem de Grupp. Déi Moniteuren, déi e Kand mat spezifesche Besoinen encadréieren, sinn och déi ganz Zäit beim Grupp dobäi, si gi just déi Momenter fort wou e Kand muss Soinen gemaach kréien oder net ka beim Grupp bleiwen.

Dat fuerdert natierlech ganz vill Organisatioun. Owes nom normale Staff gëtt op Wonsch vum jeeweilege Grupp ee Gruppestaff ofgehal, wou déi jeeweileg Moniteuren déi wichtegst Saache vum Dag mateneen ofschwätzen an Informatiounen austauschen. Dës Zäit bleift dagsiwwer kaum an ass och schlecht méiglech well een ëmmer 4 - 5 Leit misst zesummekréien. Da ginn och nach d'Aktivitéite vum nächsten Dag duerchgekuckt a koordinéiert.

## 3.4 D'Struktur vun der Kolonie

### D'Dauer vun der Kolonie

Aus Erfahrung fanne mir dass eng Kolonie mat Integratioun vu behënnerte Kanner net méi laang wéi eng Woch soll daueren, dëst aus e puer Ursaachen.

Éischtens hunn déi behënnert Kanner e Rhythmus, aus deem si op der Kolonie erausgerappt ginn. Wat d'Kolonie méi laang dauert, wat et fir déi behënnert Kanner méi schwéier gëtt, rëm an hiren gewinnten Rhythmus ze kommen.

Zweetens ginn déi behënnert Kanner, wéi all déi aner Kanner och, no enger gewëssener Zäit op der Kolonie immens midd. Wa si midd sinn, fänke si u mat verlaangeren a sinn dann net méi esou liicht ze encadréieren.

Drëttens ginn net nëmmen d'Kanner immens midd, mä och d'Moniteuren. Den Dag vun engem Moniteur fänkt géint 7 Auer mat de Soinen un an hält nuets géint 1 Auer mat de Preparatioune fir den Dag drop op. Nuets kënnt et awer och méi wéi eng Kéier fir dass e Kand kräischt, gedréint wëll ginn oder muss gehuewe ginn fir op d'Toilette. Dat an déi kierperlech ustrengend Aarbecht ginn un d'Substanz a spéitstens no enger Woch falen owes am Staff schonn deem Engen oder Aneren d'Ae vu Middegkeet zou.

### Den Dagesoflaaf

Den Dagesoflaf muss mat e puer Exceptiounen net vill anescht si wéi op anere Kolonien. Atelieren, traditionell Mëttes- an Owesaktivitéiten an d'fräit Spill sinn och op dëser Kolonie méiglech. Bei der Preparatioun a bei den Zäite muss ee just bedenken dass ee fir verschidde Saache méi Zäit brauch. Den Depart mat der Camionnette hëlt z.B. relativ vill Zäit ewech, well een d'Rollstill mat spezielle Gurten muss fixéieren, a.s.w.

Och fänkt den Dag fir Kanner mat spezifesche Besoinen an der Regel méi frei un, well d'Undoe seng Zäit brauch. Owes hält dann eng Owesaktivitéit alt mol fir dat eent oder anert Kand bëssen éischter op, well hat einfach méi Schlof brauch.

## 3.5 Integratioun bei eenzelnen Aktivitéiten

Wichteg schéngt eis, dass net all Kand **«muss»** mat engem behënnerte Kand spillen,
him «MUSS» virunhëllefen, also de Baarmhäerzege «MUSS» spillen. Déi net-behënnert Kanner hëllefen net onbedéngt deem «aarme» behënnerte Kand, mä si maachen eppes well si entweder dem Moniteur wëllen hëllefen, well si Loscht hunn oder well si doduerch ee Virdeel hunn.
Allgemeng soll et esou sinn, dass d'Aktivitéiten esou konzipéiert sinn dass et interessant ass fir eppes mat deem behënnerte Kand ze maachen oder dass een doduerch e Virdeel huet. Dat nämmlecht gelt och fir d'fräit Spill, wou een däerf e spezielle Vëlo benotzen, well ee mat engem behënnerte Kand fiert.

Och solle Beréierungsängscht ofgebaut ginn. Op der Kolonie laacht keen iwwert e Kand wat nach net mat 2 Rieder ka Vëlo fueren, am Géigendeel: Den Tricycle ass de beléifste Vëlo bei de Kanner. E Rollstull ass flott, well een domat Geschécklechkeet kann trainéieren a sech selwer erausfuerderen. Doduerch dass een d'Geräter ausprobéiert, verléiert een d'Hemmungen am Ëmgang mat behënnerte Kanner an et kann ee sech besser a si era-fillen.

Och Soine si keen Tabu. D'Kanner däerfen all Froe stellen an de Moniteur probéiert se esou wäit wéi méiglech ze beäntweren. Een dee wëllt, ka mat kucke goen, wann e Kand frësch gemaach oder gebuet gëtt.

**Wéi eng Aktivitéite kann een ubidden?**
Hei e puer Tuyauen, wéi ee bei deenen eenzelnen Aktivitéiten all Kand integréiere kann:

**1 . Atelieren**
Fir keen ze ënnerfuerderen oder ze iwwerfuerdere bidde mir verschidde Kategorië vun Atelieren un.

- Mir bastele Saachen déi méi Fäinmotorik verlaangen. Hei kritt e Kand dat domat Schwieregkeeten huet, vun anere Kanner bei der Aarbecht gehollef.
- Da ginn och Sport - oder Danzatelieren ugebueden, wou ee sech kann defouléieren.
- An da gi meeschtens och nach Atelieren wéi Meditatioun, Massage, Action-Painting ugebueden, vun deenen speziell déi méi schwéier behënnert Kanner kënne profitéieren.

**2. Mëttesaktivitéiten**
Och hei ass et esou dass ee quasi all Aktivitéit ka maachen, wann den Terrain accessibel ass a wann een e puer kleng Tricken uwend.

- Beim Knobelen (Schnick-Schnack-Schnuck) z.B. kréien déi Kanner déi selwer net knobele kënnen, dräi Käertercher. De Géigner zitt dann eng Kaart nodeems hie säin Zeeche gemaach huet.
- Bei Buergspiller, ass e Kand, dat schwéier behënnert ass, dat, wat muss befreit ginn.
- Bei anere Spiller begleeden de Moniteur (oder zäitweis en anert Kand) dat behënnert Kand.
- Beim Schwamme kann e behënnert Kand zesumme mat engem Moniteur un der Aktivitéit deel huelen.
- Bei Waasser-Spiller kann een d'Kand aus dem Rollstull huelen an et mat engem Moniteur op de Buedem sëtzen, wann d'Kand ufänkt kal ze ginn, kann een Geleeënheet notze fir et ze bueden.
- Bei engem Velostour kann ee mat Spezialvëloen, wéi Tricycle oder Tandem, och Kanner mat enger Behënnerung mathuelen.

Mat e bësse Fantasie fënnt ee genuch Aktivitéiten, déi een esou arrangéiere kann, dass och e Kand mat enger Behënnerung kann deelhuelen.

**3. Owesaktivitéiten**
Ganz besonnesch hei ass et immens gutt méiglech aus dem Défi en Atout ze maachen:

- Esou kann ee beim «Wetten dass !?» z.B. eng Wett maachen, dass ee mam Rollstull e Parcours méi séier zeréckleeë kann, wéi een aneren op Stelzen.
- Bei enger «Playback-Show» kann och ee behënnert Kand de Batteur vun enger Grupp sinn.
- Beim Schissimippi oder beim Rudderspill loosse sech Aufgabe fanne bei deenen och déi behënnert Kanner gutt eens ginn.



# 4. Preparationsfichen



# Demande de participation

**Zeltkolonie 2 du xx au xx août xxxx à Colmar-Berg pour les enfants de 7 à 10 ans**

Je soussigné(e) ________________________________________ désire inscrire

l'enfant ____________________________________________ à la Zeltkolonie 2 du xx.xx. au xx.xx.xxxx.

Renseignements :
Afin d'organiser un encadrement adéquat de l'enfant, nous vous prions de répondre sincèrement et explicitement aux questions du formulaire d'inscription.
Il est évident que toutes les données sont traitées confidentiellement et qu'aucun besoin spécifique de l'enfant ne pourra l'exclure de la participation à la colonie d'intégration.

Nom et prénom de l'enfant : ______________________________________________________

Rue et N° : ______________________________________________________________________

B.P. et Localité : _________________________________________________________________

Tel.: ____________________________ GSM : _______________________________________

Lieu de naissance : ___________________ Date de naissance : _________________________

École (Nom/Lieu) : ___________________________ Classe de : ________________________

Genre du handicap (mental, physique, autisme,...) / syndrome : _________________________

Description des symptômes :
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________

Est-ce que l'enfant a besoin d'un appareillage (chaise roulante, attelles, béquilles, lunettes, appareil acoustique,...)? Lequel? _________________________________________________
Est-ce que l'enfant prend des médicaments? Lesquels? _______________________________
__________________________________________________________________________

Quels sont les besoins spécifiques auxquels nous devons faire attention lors de la colonie ?
Repas : ___________________________________________________________________
Dormir : __________________________________________________________________
Hygiène : _________________________________________________________________
Déplacement : _____________________________________________________________

Autres remarques ou observations que vous désirez faire :
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________
__________________________________________________________________________

Signature du responsable de l'enfant : ________________________________________



## Elteregespréich

Während den Elteregespréicher froe mir d'Elteren no Informatiounen zum Iessen, Schlofen, Schwammen, ... , déi wichteg sinn fir den Encadrement vum Kand op der Kolonie. Des Informatioune droe mir no de Gespréicher an eng Fiche an, déi d'Moniteuren um Recyclage dann alleguer ausgedeelt kréien. Emmer wann ee Moniteur eng Fro zu engem behennerten Kand huet oder sech bei eppes net méi secher ass, kann en op der Fiche all wichteg Informatioun zum Kand noliesen.

## Billy Beispill

**Iessen:**
- Ësst gär Räis, Spaghetti, Pizza, Geméis
- Huet net gär Fleesch

**Schloofen:**
- Am Zelt

**Schwemm:**
- geet gär an d'Waasser, ka schwammen

**Hygiene:** /

**Toilette:** /

**Medikamenter:**
- Dépakin
- Evtl. Ritalin

**Velo:**
- Bréngt säi Vëlo a säin Helm mat

**Auto:**
- normal mam Dräipunkt-Gurt

**Oppassen:**
- huet Einlage fir d'Schong, net an d'Sandale leeën

**Remarken:**
- spillt gär Basketball
- bastelt, moolt a baakt gär

## Max Muster

**Iessen:**
- Ësst net gär Geméis, soll awer vun allem iessen
- Iesse kleng schneiden, hien ësst awer alleng
- Net ze vill forcéieren, soss gierkst hien
- Huet gär Schnitzel, Äerdbier- oder Hambier-Jughurt, Méllech
- Drun erënneren dass hie genuch muss drénken

**Schloofen:**
- Am Dortoir, bréngt eng Bett-Schéier mat
- Schléift um Bauch
- Brauch evtl. eng Mëttesrascht

**Schwemm:**
- Läit um Bauch
- Brauch Äermercher
- Surveillance!!!

**Hygiene:**
- Beim Zännwäschen, Sabbelduch un an d' Duch op d'Knéien
- Hie wäscht d'Zänn selwer, et soll een awer nach eng Kéier nofueren
- Hëlleft an der Dusch, hält sech um Gréff un
- Huet d'Waasser net gär um Kapp
- Gëtt séier wonn wéinst dem Corselet, oft d'Ënnerhiemche wiesselen

**Toilette:**
- Muss oft op d' Toilette, seet wéini
- Wann hie beim Iessen onroueg gëtt
- Ka keng «grouss Kommissioun» maache wann een dobäi ass
- Bréngt d'Pipi-Fläsch mat fir ënnerwee

**Medikamenter:**
- Depakin, Siralud (gëtt midd dovun)
- Schléckt se esou of, an drénkt duerno d'Waasser

**Velo:**
- Hie wëll net fueren, fiert léiwer am Rollstull
- Oppassen dass d'Gurten net an d'Speechele kommen

**Auto:**
- Mam Rollstull fixéieren

**Oppassen:**
- Oppassen ob d'Hëften (ophiewen, droen, ... )

**Remarken:**
- Kippstützen (kleng Rieder hannen) erausmaachen
- Wann et waarm ass, soll hien am Schied bleiwen
- Net vergiessen anzecremen (Sonn)

## Wocheplang

| | Denschdeg | Mettwoch | Donneschdeg | Freideg | Samsdeg | Sonndeg | Méindeg | Denschdeg |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Moies | Arrivée Kanner EBS 10h00 Aaner 10h30 | Ateliers | BESCH | Ateliers | Grupp | Retour Hike (11h) Fräizäit + Brunch | Grouss Aktivitéit | Grupp |
| Mettes | Grupp | Grouss Aktivitéit 2 | DAAG | Grouss Aktivitéit Stadspill 3 | Hike | Schwämm | Disco-Ateliers | 12:30 Kiermes |
| Owes | Grouss Aktivitéit 1 | Grupp | Grupp | Grouss Aktivitéit Nuetsspill 4 | Hike | Grillen Lagerfeier + Geschicht | Grouss Aktivitéit Disco 6 | |

## Dagesoflaaf

| | |
|---|---|
| 07:30 | **EBS erwächen** |
| 08:00 | **Kanner erwächen** |
| 08:30 | **Rassemblement Kaffi**<br><br>- Spull<br>- Fräizäit op der Campplaatz |
| 10:00 | **Rassemblement Moiesaktivitéit** |
| 12:00 | **Fräzäit**<br>- Fräizäit op der Campplaatz (Topstaff) |
| 12:30 | **Rassemblement lessen**<br>- Spull<br>- Fraizait op der Spillplaatz<br>- Fraizait "Ëmmer ërem anescht" |
| 15:00 | **Rassemblement Mettesaktivitéit** |
| 17:30 | **Fräzäit**<br>- Fräizäit op der Campplaatz (Topstaff) |
| 18:00 | **Rassemblement lessen**<br>- Spull<br>- Fräizäit op der Campplaatz |
| 19:30 | **Rassemblement Owesaktivitéit (nëmmen wann grouss Aktivitéit)** |
| 20:30 | **Wäschen an Undoen** |
| 21:00 | **Geschicht** |
| 21:30 | **Schlofen** (evtl. nach eng kleng Geschicht an all Zelt) |
| 22:15 | **Staff** |



# 5. Literaturlëscht

Wee méi Informatiounen an Detailer iwwert déi verschidde Behënnerunge wëll kenneléieren, fënnt natierlech eng Onmass vu Bicher: allgemeng oder zu deenen eenzelne Behënnerungen. Hei eng kleng Literaturlëscht mat verschiddene perséinleche Kommentaren zu verschiddene Bicher.

AARONS Maureen; GITIENS Tessa : Das Handbuch des Autismus. Ein Ratgeber für Eltem und Fachleute. Weinheim-Basel: Beltz

BAUMGARTMER Michael : u.a.: SpikS - Spielekartei für Sonder- und Heilpädagogik. Dortmund: Verlag modernes lemen, 1999,3. Auflage.

D'Spiller sinn a verschidde Beräicher agedeelt. z.b .: Bewegen & Danzen, Geschécklechkeet & Zesummenaarbecht, Rou an Entspanung, Spaass & Ënnerhalung

FISCHER Erhard : Pädagogik für Kinder- und Jugendliche mit mehrfachen Behinderungen. Dortmund: Verlag modernes lemen, 2000.
Et gi verschidde Konzepter virgestallt, déi ee bei der Erzéiung vu behënnerte Kanner kann uwenden. D'Buch baséiert sech virun allem op Kanner mat kierperleche Beanträchtegungen, Kanner déi Problemer mam Gesinn hunn a Kanner déi Problemer mam Gehéier hunn.

HAHN Gustav-Peter : Hilfen für das Zusammenleben mit geistig Behinderten. Wissenschaftsverlag Spiess, 2003

HOGENBOOM Marga : Menschen mit geistiger Behinderung besser verstehen, Ernst Reinhardt Verlag Muenchen, 2.Auflage 2006.

KELLER Gerog : ZIERAU, Marie-Therese: Hilfe bei AD(H)S. München: Knaur Ratgeber Verlage, 2004.
D'Buch ass u sech fir Eltere geduecht, déi e Kand hu wat ADS huet resp. hyperaktiv ass. Als Alternativ zur medikamentöser Behandlung mat Ritalin gëtt an dësem Buch eng Nährstofftherapie beschriwwen. Da kritt een och eng ganz Rei sënnvoll Tricke fir den alldeeglechen Ëmgang mat hyperaktive Kanner.

KRAUS Ursula : Im Schneckentempo. Psychomotorische Erfahrung mit behinderten und taubblinden bzw. sehhörgeschädigten Kindern. Dortmund: Verlag modernes lemen, 2001. E Buch mat ville flotten Aktivitéiten, net nëmme fir Kanner déi Problemer mam Gesinn hunn.

MATTHEWS Joan ; WILLIAMS James : Ich bin besonders! Autismus und Asperger. Stuttgart: Georg Thieme Verlag, 2001.
An dësem Buch beschreiwt en autistesche Jong a seng Mamm am Detail wéi e Mënsch mat enger autistescher Stéierung seng Ëmwelt emfënnt.

MÜHL Heinz : Einführung in die Geistigbehinderten-Pädagogik. Stuttgart, Berlin, Köln: Kohlhammer Pädagogik, 2000, 4. Auflage

NEUHÄUSER Gerhard : Syndrome bei Menschen mit geistiger Behinderung. Marburg: Lebenshilfe-Verlag, 2004, 1. Auflage
Et gëtt eng Onmass vu verschiddene Syndromer bei Mënsche mat enger geeschteger Behënnerung. An dësem Buch ginn déi wichtegst beschriwwen, leider gi vill Fachbegrëffer benotzt.

PAPE Anne : Heben und heben lassen - Bewegen und bewegen lassen. München, Bad-Kissingen, Berlin, Düsseldorf, Heidelberg; Richard Pflaum Verlag, 2000, 3. völlig neu bearbeitete Auflage.

Wéi den Titel vum Buch scho seet, geet et an dësem Buch just ëm d'Hiewe vu Leit déi motoresch ageschränkt sinn. Ausserdeem enthält d'Buch och ee Kapitel iwwer den Ëmgang mam Rollstull.

PLATH Meike : Das Recht zu leben und zu lieben. 2-a Verlag 2002
D'Schrëftstellerin ass staark spastesch, mat 25 Joer huet si ugefaang dëst Buch, hier Autobiographie ze schreiwen.

SCHMUTZLER Hans-Joachim : Heilpädagogisches Grundwissen. Einführung in die Früherziehung behinderter und von Behinderung bedrohter Kinder. Freiburg: Herder Verlag, 1998, 3. Auflage

Dëst Buch ass immens iwwersiichtlech (et gëtt ee séier domat eens) a komplett. Et fënnt e quasi all Bëhennerungsform erëm, zousätzlech geet den Auteur op medizinesch, sozial a psychologesch Aspekter an. E Buch wat een ëmmer rëm an de Grapp kann huelen a wat och vun Eltere benotzt gëtt. Et sinn och secher scho rëm nei Oplagen erauskomm. E Buch wat ee sech roueg kann zouleeën.

SOWA Martin; MAULBETSCH  Winfried : So einfach ist das. Schnell einsetzbare Spiele für Motopädagogik-, Integrations- und Behindertensportgruppen. Dortmund: Verlag modernes lernen, 2004, 2. unveränd. Auflage.
Eng ganz Rei flott Spiller déi ee mat all Grupp ka spillen. Fir Kanner, déi ganz schwéier behënnert sinn, mussen d'Spiller trotzdem ofgeännert ginn.

SOWA Martin; METZKLER  Nikolaus : Der therapeutisch richtige Umgang mit behinderten Menschen. Dortmund: Verlag modernes lernen, 1996 3. unveränderte Auflage.

D''Schrëftsteller baséiere sech virun allem op Kanner mat enger infantiler Cereabralpares (IMC) rsp. mat enger Muskeldystrohpie. Et kritt een eng ganz Rei Ureegunge fir den alldeeglechen Ëmgang mat dëse  Kanner.

SPEER Astrid : Muskeldystrophie im Kindesalter. Urban und Fischer, 1993

TOLKSDORF Marlis : Das Down-Syndrom. Ein Leitfaden für Eltern. Gustav Fischer











## Membres de la commission consultative à la formation des animateurs - éditeurs de la série "Dossiers de l'animateur" :

### Organisateurs de la formation d'animateur A

Elisabeth-Anne a.s.b.l.
Service Jeunesse – Ville d'Esch-sur-Alzette
Ville d'Esch-sur-Alzette - Waldschoul
Point Information Jeunes Esch/Alzette
Maison Relais MULTIKULTI
Service d'Education et d'Accueil Päiperlék
Schëtter Jugendhaus a.s.b.l.
Aministration communale de Pétange
Administration communale de Bettembourg
Maison Relais Préizerdaul
Centrale des Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises
Ville de Differdange- Maisons Relais
Activités de vacances "Spill a Spaass" -Commune de Steinsel
Jugendhaus Wooltz a.s.b. l.
Administration Communale de Hesperange
Ville de Dudelange-Service Structures d'Accueil
Croix-Rouge Luxembourgeoise
Maison Relais de l'administration communale de Roeser
4motion a.s.b.l.
Administration communale de Schifflange
Jugendhaus Remeleng a.s.b.l.
Service Jeunesse- Commune de Strassen
Maison Relais Kehlen
Commune de Käerjeng
Maison Relais Bridel
Maison Relais Schifflange
Administration communale de Sanem
Young Caritas
Croix-Rouge Luxembourgeoise- "Animateur Copilote am Jugendhaus"
Maison Relais De Jhangeli Koetschette
Service national de la Jeunesse-Groupe Animateur
Maison Relais Mamer
Commune de Rosport
Administration Communale de Kayl - Maison Relais Kayl

### Organisateurs de la formation B/ B et C

CAPEL
Young Caritas
Croix-Rouge
Ecole de musique (UGDA)
FNEL
Foyer de la Femme
Groupe Animateur
JEC
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Lëtzebuerger Jugendpompjeeën
SdS (Sportswochen Gemeng Lëtzebuerg)
Service National de la Jeunesse
Elisabeth-Anne a.s.b.l

### Organisateur de la formation d'animateur D

Fonds national de la Recherche Luxembourg
Forum pour l'emploi a.s.b.l. - Projet Klammschoul
Young Caritas - Spillmobil
SNJ - Animateur transfrontalier
Croix-Rouge Luxembourgeoise - Teambuilding a Stressmanagement
Croix-Rouge Luxembourgeoise - Outdoor and cooking
Maison des Jeunes Schifflange - Aféierung an d'Erliewnispädagogik

### Document édité par la commission consultative à la formation des animateurs

Adresse postale
Boîte postale 707 • L-2017 Luxembourg
Adresse siège
138, blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.lu • www.snj.lu

Ce document a été élaboré par :

Service National de la Jeunesse

Groupe Animateur